



sprieche mer deenen nächste Generatiounen, déi op de Wunnengsmaat kommen?

Här President, léif Kolleeгинnen a Kolleegeen, déi Wéinegst vun eis heibannen hunn de Problem vun der Wunnengsnout un der eegener Haut erlieft. Dat heescht awer net, datt mir de Problem dierfen ignoréieren. Während mir hei setzen, stinn, schwätzen, liewe Leit, déi e festen Job hunn, op Campingsplazen, well se sech keng Wunneng leeschte kënnen, déi besser wier wéi déi Roulotte, an där se grad wunnen.

Et liewe Leit an hiren Autoen an anerer huelen all Dag a Kaf, hiren Aarbechtsdag ëm Stonnen a Stonnen ze verlängeren, fir ze pendelen, well si keng aner Méiglechkeet hunn. Zur Dignitéit vum Mënsch gehéiert och d'Recht op en anstännegen Daach iwwert dem Kapp an d'Recht genuch iwwreg ze halen, fir sech gesond ze ernären.

D'sozial Schéier geet zu Lëtzebuerg ëmmer méi wäit auserneen an de Logement ass een, wann net souguer dee gréisste Facteur bei dësem Problem. Et ass awer net deen eenzegen.

Jo, mir hu gesond Statsfinanzen. Mä wat bréngt eis dat, wann d'Inegalitéiten an d'On-gerechtegkeeten ëmmer méi grouss ginn? Ganz egal, wéi héich de Wuesstum vun eisem Land ass, en ass näischt wäert, wann net jidderee gläichermoossen dovou profitéiere kann!

Eist Land, dat sech mat sengem Triple-A do-bausse brettzt, huet den Triple-A a soziale Froe scho längst verluer.

Wa mer wëllen ufänken, de Problem vun de sozialen Ongläichheeten ze léisen, da mussen mir jidderengem nees Opstigschancë bidden, d'ADEM muss méi performant ginn, fir Aarbechtssichender méi zilgeriicht ze beroden an ze begleeten, a mir brauchen e soziaalt Netz, wat perséinlechen Engagement belount.

Zousätzlech mussen Prozeduren vereinfacht ginn, fir et de Betraffenen ze erméiglechen, d'Iwwersiicht ze behalen a sech och un d'Konditiounen, déi u se gestallt ginn, ze halen.

Mir hu schliisslech déi lescht Woche gesinn, datt et eng ganz Rei onduerchsichteg Prozeduren zu Lëtzebuerg gëtt an dass souguer gestane Gemeengepapp sech a Prozeduren - zum Beispill - ronderëm Baugeneemegungen iere kënnen. D'Kompetenze goufen einfach op ze vill verschidde Plaze verdeelt.

Här President, léif Kolleeгинnen a Kolleegeen, et kann een net weidermaachen, wann nach näischt gemaach gouf. Da muss ee sech als Eischt emol trauen, unzefänken.

Ufänken, dat muss bedeuten, et klunge Betriber méi einfach ze maachen, qualifizéiert Fachpersonal anzustellen, ouni onnéideg administrativ Barriären.

Ufänken, dat muss bedeuten, qualitativ héichwäerteg Betreiuungsstrukture fir den drëtten Alter ze garantéieren, déi net esou vill kaschten, dass eeler Leit an hire leschte Liewensjore gezwonge sinn, alles ze verkafen, fir dat si e Liewe laang gespuert hunn.

Dat muss bedeuten, méi soziale Wunnraum fir 10 Euro de Meterkaree ze ofréieren. An dat muss bedeuten, jidderengem ze erméiglechen, Vertrauen an eis Regeln a Kritären ze hunn, dee Moment, wou se ufänke mat plangen, am-plaz eréischt duerno.

De Stat eleng kann a wäert net all déi néideg Wunnenge bauen. Duerfir ass een op Privatproprietairen a Promoteuren ugewisen, déi mat staatlecher Ënnerstëtzung oder mat staatleche Garantien fir en abordabele Präis bauen, verkafen oder verlounen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gëschter hate mer eis, mengen ech, alleguer e bësse méi Substanz erwaart - net nëmme bei der Fro vun der Klimakris, der Logementsproblematik oder der sozialer Kohäsion, mä virun allem och bei der heefeg ugekënnegter Steuerreform.

Bref, mir sinn e bëssen enttäuscht. D'Regierung fiert weider mat hirer Salamtaktik a kënnegt Schrëtt fir Schrëtt ëmmer nei Adjektiven un, déi déi Steuerreform soll erfüllen.

D'Piraten bleiwen awer bei hirer Fuerderung, datt mer op déi eng Steuerklass - déi jo ugekënnegt ass, mä wou mer nach ëmmer net wësen, wéi se ausgestalt soll ginn - solle kommen. Mir begreissen also explizit, datt d'Regierung op déi Pist wëllt goen an datt mer endlech eng Steuerpolitik, déi der Realitéit vum 21. Jorhonnert ugepasst ass, kréie sollen, wou eng Fra net méi als Unhängsel vun hirem schaffende Mann consideréiert gëtt.

Mä kéinte mer do net ganz kleng, ganz séier, ganz direkt ufänken, kleng Problemer ze léisen? Ufänken, d'Steierkaart 2 net d'office dem weibeleche Partner an enger Koppel zouzeschécken. D'Steierverwaltung kéint dat jo beim Bestietnis iwwer eng einfach Checkbox offroen, wien da wéi eng Steuerkaart soll kréien. Ee klengen Ho-

ken, a scho wär dee patriarchaleschen Anachronismus vun deene leschten honnert Joer iwwerwonnen. Dat ass alles, wat et bräicht. Net vill, eng kleng Këscht méi op engem Formulaire.

De Fait, datt eng grouss Reform usteet, ka keng Excuse dofir sinn, datt Problemer, déi elo schonns geléist kéinte ginn, ignoréiert ginn.

Et gëtt aktuell ganz kloer Ongerechtegkeeten an eisem Steiersystem. Mä am-plaz méiglechst schnell géint dës virzegoen, wëllt eise Premier Annerunge just - an ech zitieren - „progressiv [...] aféieren [...] iwwer e méiglechst laangen Zäitraum“.

Wat deen Zäitraum méi laang gëtt, wat déi Betrafte méi laang leiden. Dat kann net sinn!

Dofir fuerdere mir, datt kuerzfristeg Abatementen an degressiv Steierkreditter ëmgewandelt ginn, fir esou kleng Paie schonn elo ze entlaaschten an d'Kafkraaft ze stäerken.

Dass Persounen, déi sech en emissionsaarmen Auto kafen oder hiert Haus sanéieren, steierlech entlaascht ginn, ass eng Saach. Dass Leit, déi sech awer iwwerhaupt emol keen Auto an en eegent Haus leeschte kënnen, iwwerhaupt net dovou profitéiere kënnen, eng aner.

Jidderee muss d'Chance kréien, fir säin Deel géint dës Klimakris bäizedroen, mä breet Schellere sollten dobäi eigentlech méi droe wéi schmueler. Eis ökologesch Steuerreform däerf net esou ausfalen, dass déi, déi am meeschten hunn, am meeschten ofsetze kënnen, während déi, deenen et um Néidegste feelt, näischt erauskréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gi ganz vill konkret a kuerzfristeg ëmsetzbar Moossnamen, mat deene mir akut Problemer ugoe kéinten. E puer dovun hunn ech elo hei schonn ugeschnitten an ech hoffe wierklech, datt e puer vun deenen Iddien Klang fannen an onkompliziert kënnen ëmgesat ginn.

Dir gesitt, mir maache gären eng konstruktiv Oppositionsaarbecht a mir wëllen dofir net einfach nëmmen dergéint sinn, mä op Basis vum Constat konkret Propose maachen.

Mir deposéieren dowéinst haut eng weider konkret Proposition de loi, fir unzepaken. Eng konkret Measure, fir den Echange tëschent de Biergerinnen a Bierger virunzedreiwen. Ma wat mengen ech domadder?

5. Dépôt d'une proposition de loi par M. Sven Clement

7483 - Proposition de loi instituant un dialogue citoyen permanent au Grand-Duché de Luxembourg

6. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation (suite)

Débat (suite)

An der Belsch gouf am Februar vun dësem Joer dee sougenannten „permanente Biergerdialog“ agefouert. En Organ, wou Biergerinnen a Bierger, déi per Lous gezu ginn, d'Parlamentarier bei hirer Aarbecht ënnerstëtzen a berodend agräife kënnen. Dëst ass eng Méiglechkeet, fir déi grouss Problemer net nëmmen ënnert den „privileged few“, mä mat enger e bësse méi breeder, méi representativer Basis vu Biergerinnen a Bierger ze diskutéieren.

D'Chamber huet hir Komposition gëschter geännert a wäert se och an deenen nächsten Deeg nach eng Kéier änneren. Leider sinn dës Changementer net op positiv Nouvelles zréckzeféieren.

Een negativen Event hunn ech schonn ugeschwat, dat ass leider d'Erkrankung vum Félix Braz.

Deen aneren negativen Event ass leider hausgemaach. Do huet een Député-maire sech net u seng eege Reglementer gehalen a méiglecherweis och national Gesetzer gebrach. Do ass et awer un der Justiz, fir hir Aarbecht ze maachen, a mir als Parlament mussen just eis Konsequenzen doraus zéien an derfir surgen, datt eisen eegenen Deontologiescode méi verständlech a besser applizéiert gëtt.

Vu kluge Konstruktiounen iwwer Solaranlage bis hin zu Multi-Millioun-Projeten, d'Vertraue vum Bierger mussen mir eis op all Niveau vun der Politik verdéngen. D'Politiker mussen mam gudden Beispill virgoen, anescht geet d'Vertraue vun de Bierger verluer.

Dofir fuerdere mir Piraten och d'Aféierung vun engem Lobbyregister fir d'Chamber a fir d'Regierung, en transparente Kalenner, dee Meetinge mat Drëtten am Kader vun der legislativer Aarbecht ëffentlech mécht.

Ab haut féinnt ee schonns op eisem Site de Kalenner, vum Marc Goergen a vu mir, vun eisen Treffte mat Drëtten. Dësen Outil huet net mis-

sen nei entwéckelt ginn, well e gouf vun eiser fréierer Europadeputéierter, dem Julia Reda, zesumme mat der grénger Fraktioun am Europaparlament als Open Source entwéckelt a steet all Fraktioun heibanne gratis zur Verfügung. Dat heescht, hei eng Invitatioun un lech allegueren: Macht eis et no, fir fir méi Transparenz ze suergen!

Do dernieft huet d'Affär Gaardenhaischen, iwwert déi jo och muer nach eemol geschwat wäert ginn, eppes kloer gewisen: E Code de déontologie fir lokal Eluen ass, wéi och schonns den Här Bodry ënnerstrach huet, méi wéi néideg.

Nodeems d'Pirate sech säit Laangem fir esou ee Code ausgeschwat hunn, freeë mir eis natierlech ganz besonnesch doriwwer, datt mir elo endlech ee Member vun enger Regierungspartei op eiser Säit hunn, an hoffen, datt dëst zu enger séierer Ëmsetzung vum Projet bäidroen wäert.

Ech sot et an ech widderhuelen et: Fir d'Vetraue vun de Biergerinnen a Bierger ze gewannen an ze halen, mussen Politiker op allen Niveaue all Dag op en Neits beweisen, firwat se et verdéngt hunn.

(Interruption)

Et war wichteg a richtig, datt aus de vergaangenen Evenementer perséinlech Konsequenze gezu goufen, mä d'Fro bleift, wéi mer äänlech Situatiounen, déi d'Vertrauen an d'Politik op d'Spill setzen, an der Zukunft verhënnere kënnen.

Ier elo ee seet, datt d'Chamber hir Verantwortung soll iwwerhuelen, muss ech leider soen, datt ewell 2011, an och dat gouf haut schonn erwänt, hei eng Resolution vum honorable François Bausch, deemools Deputéierten, gestëmmt gouf, déi e Verhalenskode fir Gemeengepolitiker zum Objet hat.

(Interruption par M. François Bausch)

Doraus ass awer bis elo, aacht Joer méi spët, mam dann elo Minister François Bausch, Vize-premier François Bausch an der Regierung nach näischt ginn!

An zwou parlamentaresche Froen, eng vum Kolleege, dem honorabelen André Bauler, an eng vu mir, hu mer bei verschiddenen Innenministern an Innenministeschten op dëser Fro nach eng Kéier de Waasserstand gepréift.

An, wéi ass de Stand haut? Et läit nach ëmmer keng konkret Propos um Dësch! „Weider maachen“ steet hej also net zur Dispositioun. Och hei muss als Eischt emol endlech ugefaange ginn. Mir mussen endlech e Verhalenskode op d'Schinne bréngen, fir kloer a verständlech Regele fir d'Gemengepolitiker festzehalen.

Här President, duerfir deposéieren ech lech elo nach eng Motioun, déi d'Regierung invitéiert, esou e Verhalenskode auszeschaffen an der Chamber ze presentéieren.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- vu la résolution (97) 24 du 6 novembre 1997 adoptée par le Comité des Ministres du Conseil de l'Europe lors de sa 101^e session ;

- tenant compte de la résolution 433 adoptée par le Congrès des pouvoirs locaux et régionaux du Conseil de l'Europe du 7 novembre 2018 ;

- rappelant la résolution déposée par Monsieur le Député François Bausch et adoptée par la Chambre des Députés en sa séance publique du 13 octobre 2011 et décidant de l'instauration d'un code de déontologie pour les mandataires politiques locaux « afin d'éviter à l'avenir tout conflit d'intérêt » ;

- considérant le programme gouvernemental de 2013 et l'ambition d'élaborer un code de déontologie pour les élus locaux ;

- vu la réponse de 2014 du Ministre de l'Intérieur à la question parlementaire n° 0430 de Monsieur le Député André Bauler au sujet d'un code de conduite pour les élus locaux ;

- vu la réponse de la Ministre de l'Intérieur à la question parlementaire n° 0599 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet d'un code de déontologie pour élus locaux ;

- considérant que la qualité de la gouvernance locale et sa dimension éthique sont devenues décisives et qu'il importe, au-delà des dispositions de droit pénal contre la corruption, de promouvoir au niveau national des normes éthiques communes à tous les élus locaux ;

- désireux de faire diminuer le risque de corruption et de renforcer la confiance des citoyens dans les décideurs politiques locaux,

invite le Gouvernement

à soumettre, endéans cette législature, au vote de la Chambre des Députés un Code de déontologie pour élus locaux.

(s.) Sven Clement.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

► **M. Sven Clement (Piraten).** - Ech erhoffe mer bei dëser Motioun dann eng breet Zoustëmmung vun alle Säiten, well et gouf jo haut vu méi wéi enger Säit ugeschwat.

Duerfir ass dës Motioun éischter e Rappel an e fermen Opruff un d'Regierung, fir endlech mat der Aarbecht unzefänken. De Verhalenskode fir Gemeengeconseillere a Schaffere dierf net nach méi laang op sech waarde loossen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo nach op e weidert Thema ze schwätzen, dat e groussen Deel vun der Ried vum Premierminister ëmfaasst huet: d'Digitaliséierung an den Dateschutz. Dobäi fällt engem déi Naivitéit op, mat där un dës grouss gesellschaftlech Erausforderungen erugaange gëtt. D'Kand ass schonns an de Pëtzen gefall a mir klappen eis op d'Schëller, datt mer am Nohinein aktiv ginn, well mer verpasst hunn, am Virfeld eng richtig Dateschutzkultur ze maachen, am-plaz déi virherrschend Datesammelwut ze errichten. Et ass méi wéi paradox, datt mer elo maachen, wéi wann näischt geschitt wär, wéi wa mer just missten an Zukunft e bësse besser oppassen an et géif alles gutt ginn.

Neen, mir hätte schonn an der Vergaangenheet misse besser oppassen, mir allegueren zesummen! Jiddereen, deen Datebanken hätt missen zur Geneemegung ufroen, jiddereen, deen deemools Datebanke geneemegt huet, jiddereen, deen haut op Datebanken zougräift, muss sech froen: Maachen ech hei Dateschutzkultur oder maachen ech hei Datesammelwut?

De beschten Dateschutz ass deen, d'Daten iwwerhaupt net ze erhiewen a scho guer net an Datebanken ze späicheren. Duerfir gehéieren d'Vorratsdatespäicherung a Co ofgeschaaft. Leider ass d'Regierung vun engem wierklechen Ëmdenken nach wäit ewech.

De Premier sot gëschter, datt et schwéier bis onméiglech wär, datt et keng Daten iwwer ee géif ginn. Dat läit och dorun, datt de Stat zum aktuellen Zäitpunkt ëmmer nach grondlos déi enorm Massen un Date vu sämtlechen Bierger späichert an domat, wéi den Europäesche Gerichtshaff och scho festgestallt huet, géint d'Grundrechte vun de Bierger verstéisst. Soulaang Lëtzebuerg un der Vorratsdatespäicherung festhält, akzeptéiert dës Regierung, datt d'Grundrechte vun den Awunner vun dësem Land all Dag dausendfach verletzt ginn. Dat dierft et an engem Rechtsstat net ginn!

Leider verwonnert déi Situatioun een awer net emol méi, well e Stat, dee seng eege Gesetzer net respektéiert, dierft et jo eigentlech och net ginn. An awer huet déi ganz Affär ronderëm d'staatleche Datebanke gewisen, datt et esou ass.

D'Vertrauen an de Rechtsstat gëtt eiser Deeg wierklech op d'Prouf gestallt an et gëtt ëmmer méi schwierig ze erklären, firwat ee Bierger sech soll u Gesetzer halen, wann de Stat et selwer net mécht. Dat ass eng Katastroph, an dem Eescht vun dëser Situatioun gëtt een net gerecht, wann ee sech, esou wéi de Premier gëschter, einfach just op e puer Punkte vum RGD referéiert.

Et ass absurd, wann de Xavier Bettel a senger Ried seet - Zitat: „D'Aarbechten, fir eng komplett Lësch ze erstellen vun all de Bases de données, déi d'Justiz huet, si weidergaangen a wäerten esou séier wéi méiglech och finaliséiert ginn“, a gläichzäiteg, nëmmen e puer Sätz méi spët, seet - Zitat: „Den Ament gi beim Commissariat à la protection des données auprès de l'État ronn 1.400 Activités de traitement an Dateschutzregistre vun eenzelnen Administratioune gefouert.“

Da muss ee sech dach d'Fro stellen, firwat et schéngt, wéi wann all ASBL sech en amont vum Äkraafttriede vum RGD méi Gedanken iwwert den Dateschutz an hir Traitement gemaach huet wéi de Statsapparat an domadder d'Regierung!

Ech begreissen, datt endlech ugefaange gëtt, dës Problem eescht ze huelen, am-plaz „weider maachen“ wéi bis elo.

Fir de Biergerinnen a Bierger et méi einfach ze maachen, ze gesinn, wéi eng Daten iwwer si beim Stat späichert sinn, a fir och ze erkennen, wien dës Donnéeé wéini consultéiert huet, fuerdere mir en digitalen Datebreif iwwer MyGuichet.lu, an deem, äänlech wéi dat haut ewell fir den nationale Persouneregister geet, all Biergerin a Bierger ka kucken, wou wéi eng Date späichert ginn, a gläichzäiteg och d'Logge vun den Accèsen op déi Date kënnen